N°7722
Entrée le 11.04.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 7722 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement**

**Ad 1)**

De Ministère fir Educatioun, Kanner a Jugend (MENJE) ka confirméieren, datt bei den Experimentéierstatiounen, déi d'Asbl Luxembourg Science Center (LSC) iwwer den Educatiounsministère finanzéiert kritt huet, d'Konzeptioun an den Developpement integréierte Bestanddeel waren. Domadder leien d'intellektuell Proprietéit an d'Notzungsrechter fir déi Statioune beim LSC.

Op Nofro krut de MENJE an enger Reunioun Enn November 2022 vum Verwaltungsrot vum LSC verséchert, datt d'Rechter vun der Propriété intellectuelle beim LSC géife leien.

**Ad 2)**

De MENJE kann dëst net versécheren, well et eng Decisioun vum Verwaltungsrot vun der Asbl ass, u wien d'Asbl sech strukturell oder laangfristeg bënnt. De MENJE huet awer zanter September 2022 kloer gemaach, datt esou eng strukturell Ofhängegkeet vun enger kommerzieller Struktur riskéiert, d'Entwécklung vum LSC ze gefäerden, an zu enger Ontransparenz um Niveau vun der Gouvernance féiert. Aus dëse Grënn fuerdert de MENJE eng aner Form vu Gouvernance, déi dës Risiken evitéiert.

**Ad 3)**

De MENJE huet bis elo keng esou eng Offer gemaach kritt.

**Ad 4)**

D'Frais de mission, déi de MENJE beim LSC iwwerholl huet, louchen all Joer bei nëmme ronn 10.000 Euro. D'Virwërf, déi an der Press erhuewe goufen, kann de MENJE weeder confirméieren nach dementéieren. De Rapport vun der IGF soll Kloerheet doriwwer bréngen, wéi d'Finanzfläss tëscht der Asbl an der Societéit waren. Wéi schonn ënner dem Punkt 2) beschriwwen, ass d'Positioun vum MENJE awer, datt eng strukturell Ofhängegkeet vum LSC par rapport zu enger kommerzieller Societéit net acceptabel ass.

Lëtzebuerg, den 11. Abrëll 2023

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH